N°1257
Entrée le 01.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.10.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'CFL publizéiert monatlech Statistiken iwwert Ausfäll a Verspéidungen vun den Zich op hirem Site. Dës Statistike spigelen awer net wierklech den Impakt op d'Leit déi schaffe ginn an d'Schüler, erëm. Interessant wier et z.B. ze kucken, wéi d'Zuelen an der Woch tëschent 6h00 an 9h00, respektiv 16h00 an 19h00 Auer sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Erhieft a sammelen d'CFL d'Donnéeën iwwert Verspéidungen vun Zich an Zichausfäll, baséiert Auerzäit?
   Falls jo, wou kann de Public dës Donnéeën nokucken?
   Falls nee, ass et méiglech, dass d'CFL dës Datesätz, esou wéi dat deelweis am Ausland gemaach gëtt, ëffentlech publizéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten